

## • Rapport d'activités fir d'Joer 2021 •



*A:LL Schrëftsteller\*innen asbl* setzt sech fir d'Revendicatiounen an d'Rechter vun de Schrëftsteller\*innen an, déi zu Lëtzebuerg am Kader vun engem professionnelle Parcours enger reegelméisseger literarescher Aktivitéit noginn. Och déi ëffentlech Promotioun vun an d'Sensibilatioun fir d'Literatur sinn Ziler vun der ASBL.



De Verwaltungsrot vun *A:LL* setzt sech zesummen aus:

Samuel Hamen (Präsident),  
Nathalie Ronvaux (Vize-Präsidentin),  
Jeff Schinker (Sekretär),  
Claudine Muno (Tresorière),  
Jean Back,  
Ulrike Bail,  
Tullio Forgiarini,  
Gast Groeber,  
Susanne Jaspers,  
Francis Kirps,  
Anne-Marie Reuter,  
Elise Schmit,  
Ian De Toffoli.



# A:LL Schrëftsteller\*innen

1, rue de Laroche,  
L-1918 Luxembourg

Associatioun:	Association:	Association:	Assoziation:	Associação:
Lëtzebuurger	Littérature	Luxembourgish	Luxemburger	Literatura
Literatur	Luxembourgeoise	Literature	Literatur	Luxemburguesa

[www.a-ll.lu](http://www.a-ll.lu)  
[info@a-ll.lu](mailto:info@a-ll.lu)

No eiser Grënnung am September 2020 an engem intensiven, ma kuerze Lancement-Joer 2020 huet d'A:LL 2021 hir Vitesse de croisière fonnt a goug hiren Aufgaben a Responsabilitäten op den ënnerschiddleche Plazen no.

Den 22. Abrëll huet déi éischt **Assemblée Générale** vun der A:LL am *Centre national de littérature* zu Miersch stattfonnt.

Am Laf vum Joer goufen insgesamt sechs **Verwaltungsrot-Versammlunge** ofgehalen, déi an engem relativ bestännege Rhythmus vun enger Reunioun all zwee Méint stattfonnt hunn: Esou ass sech den 20. Januar, den 2. März, de 15. Mee, de 16. Juni, den 13. Oktober an den 29. November versammelt ginn, fir divers ODJen duerchzegoen.

Am Kader vun de **syndikalen Aktivitéiten** gouf am Oktober ee Bréif un de *Radio 100komma7* verfaasst, an deem sech iwwert d'Ofschafe vun dem Lauschterstéck-Concours gewonnert gouf. Weiderhin gouf ee Schreiwes un de Kulturministère an d'Theaterfederatioun adresséiert, an deem d'Wiel vun dem Jury vum *Theaterpräis*, keen Auteur an hier Shortlist opzehuelen, hannerfrot gouf. Doriwwer eraus huet sech de Samuel Hamen a senger Funktioun als A:LL-Präsident reegelméisseg mat der ULASC getraff, der *Union Luxembourgeoise des Associations du Secteur Culturel*. Bei den Aarbechtstrefe goug et virun allem ëm d'Reform vum Statut d'artiste an ëm d'Erausfuorderungen, déi un déi Reform gebonne sinn an déi och Schrëftsteller\*innen haut (an an Zukunft) betreffe wäerten. Schlussendlech goufen Avisen zu folgenden Themen erausgeschéckt: dem Congé culturel, der Charte de déontologie, déi de Kulturministère amgaangen ass ausszeschaffen, an den [Etat des lieux vum Theater](#). Am Dezember 2021 huet d'A:LL ee Froebou, deem am Kader vum sektoriellen Etat des lieux Literatur vum Kulturministère verschéckt gouf, un d'Membere weidergeleet. Gläichzäiteg huet de Verwaltungsrot ugefaang, ee separaten Avis fir dese wichtege Etat des lieux opzesetzen. Eenzel Ufroen, Vermëttlungen an Ureegungen, déi vu Memberen an externe Persounen un A:LL erubruecht goufen, sinn dat ganz Joer iwwer duerch de Bureau exécutif betreit ginn.

# A:LL Schrëftsteller\*innen

1, rue de Laroche,  
L-1918 Luxembourg

Associatioun:  
Lëtzebuurger  
Literatur

Association:  
Littérature  
Luxembourgeoise

Association:  
Luxembourgish  
Literature

Assoziation:  
Luxemburger  
Literatur

Associação:  
Literatura  
Luxemburguesa

[www.a-ll.lu](http://www.a-ll.lu)  
info@a-ll.lu

Weiderhin hu sech déi verschidden **Aarbechtsgruppen** regelméisseg getraff. Nieft dem Grupp "Émergents", dee sech ëm den Encadrement vu *young and new writers* këmmert an dem Grupp "IT/Kommunikatioun", deen den Internet-Site [www.a-ll.lu](http://www.a-ll.lu) an d'Optrëtter op de soziaale Medie verwalt, huet de Grupp "Rémuneration" verschidde Prises de position formuléiert. Notamment geet et dobäi ëm d'Remuneratioune vu schrëftstellersche Prestatioune bei Liesungen, Theateroptreeg asw. Am Laf vum Joer 2021 goufen déi concernéiert Institutiounen a Strukturen ugeschwat, den Dialog leeft 2022 weider a wäert am Laf vum Joer zu konkrete Resultate féieren. Am Grupp "Poésie" gëtt am Ament virun allem de Lëtzebuurger Optrëtt um Marché de la poésie diskutéiert.

D'A:LL huet sech 2021 regelméisseg **mat aneren Institutiounen, Asbl'en oder mam Ministère getraff**: Den 10. November koum et zu engem Treffen mam Kulturministère zesumme mam Editeursverband, den 9. Dezember huet eng Versammlung mat den zwee Responsabele fir Literatur an Editioun a fir Theater vu *Kultur/lx* stattfonnt an de 15. Dezember huet sech d'A:LL mam Conseil supérieur des Bibliothèques Publiques (CSBP) versammelt, fir iwwert de Sujet vun den Honoraire fir Liesungen ze diskutéieren. Am Besuch op Sujete wéi Droits d'auteur, Kontrakter an eenzel Prises de position hält A:LL regelméisseg **Récksprooch mat engem Affekot**.

An **Zesummenaarbecht mam SCRIPT** gouf am September d'Plattform *liesen.lu* lancéiert, déi d'Vermëttlung vu Liesungen tëscht Schoulen a Schrëftsteller\*inne strukturéiert. Dës Plattform leeft d'Schouljoer 2021/22 duerch an huet zu enger Konventioun tëschent dem SCRIPT an der A:LL fir de betreffenen Zäitraum gefouert.

Wat **d'Ëffentlechkeetsaarbecht** vun der A:LL ubelaangt, huet de Samuel Hamen am Oktober dem Daniel Conrad een Interview fir d'*Lëtzebuurger Wort* ginn, an deem et ëm d'Frankfurter Buchmesse gong. Am nämmlechte Mount huet de Jeff Schinker en Interview mat der Katja Taylor fir *culture.lu* ginn, an deem méi allgemeng ëm d'Missiounen an de Fonctionnement vun der A:LL ugeschwat goufen.

# A:LL Schrëftsteller\*innen

1, rue de Laroche,  
L-1918 Luxembourg

Associatioun:	Association:	Association:	Assoziation:	Associação:
Lëtzebuurger	Littérature	Luxembourgish	Luxemburger	Literatura
Literatur	Luxembourgeoise	Literature	Literatur	Luxemburguesa

[www.a-ll.lu](http://www.a-ll.lu)  
info@a-ll.lu

Fir **d'graphesch Identitéit** gouf 2021 intensiv mam Graphiker Michel Welfringer geschafft, dee virum Summer véier verschidden Identitéiten proposéiert huet, vun deenen eng vum Verwaltungsrot zeréckbehale gouf. Am Laf vum Joer 2022 wäert dës graphesch Identitéit finaliséiert an da konsequent fir d'Kommunikatioun an an der Ëffentlechkeet benotzt ginn.

Am Laf vum Joer goufen **dräi Newsletteren** un d'Membere verschéckt, an deene si iwver d'Aktivitéiten informéiert goufen an Ablécker kruten an eis Aarbechtsgruppen an Prises de position.

Um Enn vum Joer 2021 huet A:LL 58 Memberen, dorënner 49 aktiv Memberen a 9 Membres honoraires. (Zum Zäitpunkt vun der AG Enn Abrëll 2022 zielt d'A:LL 61 Memberen.)

Finaliséiert den 28. Abrëll zu Weimeschkierch,  
approuvéiert duerch d'Assemblée Générale den 30. Abrëll 2022.